

SANDWEILER

Aktuell

15-2021

24.11.2021

D'Gemeng ass
Méindeg, den 29. November
ausnamswéis
um 16 Auer zou.

La commune fermera
exceptionnellement
à 16 heures
le lundi, 29 novembre.



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 3597 11 - 1 • Fax: 357966
www.sandweiler.lu

Gemeinsamt Mateneen

D'Grondlag vun enger Gemeinschaft ass de géigesäitege Respekt. Leider sinn a leschter Zäit Virfäll gemellt ginn, déi mir net onkommentéiert hinhuele wëllen:

- illegal Ofluede vun Dreck um „Kréintgeshaff“ an „an de Braken“ (al Autospneuen, futtis Miwwelen);
- Hënn déi hiert Geschäft a private Virgäert vu anere Leit erleedegen, ouni dass hire Meeschter agräift.

Sou Respektlosegkeeten hunn an enger Gemeinschaft näischt verluer. Dat Behuele kritiséiere mir - net nëmmen als Gemeng, mee als Deel vun enger Gemeinschaft. Dofir eisen Opruff: loosst eis e gemeinsam, harmonescht Mateneen ustriewen an sou Aktiounen an Zukunft vermeiden.



Bien-vivre en communauté

La base d'une communauté, c'est le respect mutuel. Malheureusement, des incidents nous ont été rapportés ces dernières semaines que nous jugeons inacceptable :

- dépôt illégal d'ordures au « Kréintgeshaff » et « an de Braken » (pneus de voiture usés, meubles cassés) ;
- chiens qui font leurs besoins dans le jardin privé d'autres personnes, sans intervention de leur maître.

Un tel manque de respect n'a pas de place dans une communauté. Nous critiquons ce comportement - pas seulement en tant que commune, mais en tant que membre d'une communauté. D'où notre appel: engageons-nous pour le « bien-vivre » en communauté et évitons de telles actions à l'avenir.



De Kleeschen ënnerwee zu Sandweiler Sonndeg, de 5. Dezember

De 5. Dezember kënn de Kleesche mat sengem Begleeder, dem Houseker, op Sandweiler. De Kleeschen an den Houseker waarden op Grouss a Kleng um **15 Auer virum Centre Culturel** zu Sandweiler, wou jiddwereen da säi Cadeau kritt.

Le Saint Nicolas en visite à Sandweiler Dimanche, le 5 décembre

En date du 5 décembre, le Saint Nicolas rendra visite aux enfants à Sandweiler en compagnie de son fidèle compagnon, le Père Fouettard.

Il vous attendra à **15 heures devant le centre culturel** où il distribuera ses petits cadeaux.

Sandweiler Chrëschtmäertchen Den 10. an 11. Dezember, 17 bis 22 Auer

De Sandweiler Chrëschtmäertchen fënnt dëst Joer nees statt! Mir hunn, mat der Ënnerstëtzung vu lokalen Associatiounen, e flotte Programm op d'Been gestallt a mir freeën eis elo schonn, lech **Freideg, den 10. a Samschdeg, den 11. Dezember vu 17 bis 22 Auer op der Duerfplatz** ze treffen, .

Fir eng feierlech Stëmmung ass gesuert: freides trëtt den Orchester „Simply2“ op, a samschdes „Vocals on Tour“.

Den Event ass am **CovidCheck**-Régime organiséiert: dir musst bei der Entrée e gëltege Certificat mat QR Code (digital oder Papeierform) virweisen.



Petit marché de Noël à Sandweiler Le 10 et 11 décembre, 17 à 22 heures

Le petit marché de Noël à Sandweiler aura bien lieu cette année! Nous avons, avec le soutien des associations locales, mis en place un beau programme et nous nous réjouissons déjà de vous retrouver **le vendredi 10 et le samedi 11 décembre de 17h à 22h sur la place du village**.

L'ambiance sonore sera assurée par les orchestres «Simply2» le vendredi et «Vocals on Tour» le samedi.

L'événement est organisé sous le régime **CovidCheck**: vous devez présenter un certificat valide avec code QR (format digital ou papier) à l'entrée.

Sandweiler
Chrëschtmäertchen

10. & 11. Dezember
17 bis 22 Auer

Duerfplatz
Jemp Stein

COVID check.lu

GEMENG SANDWEILER